N°2680
Entrée le 22.08.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel a vum Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°2680 vum 28. Juli 2025 vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar**

1. ***Wéi schätzt d'Regierung déi aktuell Situatioun an der syrescher Regioun Suwaida an, besonnesch am Zesummenhang mat der drusescher Minoritéit?***
2. ***Ass der Regierung déi rezent Protestaktioun virum Staatsministère bekannt, a gouf et Kontakter mat Vertrieder vun der drusescher Communautéit zu Lëtzebuerg?***
3. ***Gesäit d'Regierung Méiglechkeeten, sech op europäeschem Niveau fir eng kloer Positioun zur Situatioun vun der drusescher Minoritéit a Syrien anzesetzen?***
4. ***Huet Lëtzebuerg bis elo diplomatesch Schrëtt ënnerholl oder Initiativen am Kader vun der EU, dem Europarot oder de Vereenten Natiounen ënnerstëtzt, fir d'Lag an d'Suwaida-Regioun unzeschwätzen?***
5. ***Gesäit d'Regierung aktuell oder zukünfteg Méiglechkeeten, besonnesch vulnerabel Persounen aus der drusescher Minoritéit iwwer zousätzlech Opnam- oder Schutzprogrammer an d'Land ze huelen?***

Lëtzebuerg ass ganz besuergt iwwert déi rezent Gewaltausbréch an der Regioun Suwaida am Süde vu Syrien. Dowéinst huet d'Lëtzebuerg och déi EU27 Deklaratioun vum 24. Juli 2025 matgedroen, déi déi Gewaltakte verurteelt an d'Regierung oprifft eng transparent, credibel an onparteiesch Investigatioun ze lancéieren. Et ass Lëtzebuerg immens wichteg datt d'Mënscherechter respektéiert ginn an d'Zivilbevëlkerung, dorënner all Minoritéiten am Land geschützt ginn. Dat gëllt och fir déi drusesch Communautéit a Syrien, déi besonnesch uerg vun de rezenten Attacke betraff war.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt weiderhin d'Approche vun der EU, dass déi syresch Iwwergangsregierung eng friddlech an inklusive Transitioun soll ëmsetzen. D'EU rifft och all extern Acteuren dozou op, d'Unitéit, d'Onofhängegkeet, d'Souveränitéit an déi territorial Integritéit vu Syrien ze respektéieren. Souwuel d'Resolutioun 2254 vum Sécherheetsrot vun de Vereenten Natioune wéi och d'Ofkomme vun 1974 tëschent Israel a Syrie musse weiderhi respektéiert ginn.

Dem Ausseministère ass bekannt, dass rezent eng Aktioun vun der syresch-druzesescher Communautéit zu Lëtzebuerg virum Staatsministère organiséiert gi war. Den Ausseministère krut eng Rëtsch Maile vu Membere vun der drusescher Communautéit ze Lëtzebuerg, déi hier Suerge mam Minister schrëftlech gedeelt hunn. Fir de Moment si keng speziell Opnam- oder Schutzprogrammer an dem Kontext vun der Regierung geplangt.

Lëtzebuerg, den 22 August 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel